- Location de containers

**Entreprise de construction HILBERT s.a.**


60, rue de Kleinbettingen  
B.P. 7 L-8401 Steinfort

Tél.: 39 88 43-1 • Fax : 39 72 35

info@hilbert.lu • www.hilbert.lu







# 2017 - Séance académique

## Ried Theo Ney bei der séance académique zum 20. Gebuertsdag vum Dauler Fiederball asbl

Dir Dammen an dir Hären, léif Sportsfrënn, léif Frënn vum Dauler Fiederball.

Wéi ech viru 17 Joer vum Jean-Paul Ruppert, deen ënnert dem Numm Jipi bekannt ass, gefrot gouf, emol eng Kéier Badminton ze probéieren, konnt ech mer deemools net virstellen, eemol hei als President virun lech kënnen ze stoen. Ech war zu dem Abléck total onsportlech an hat nach ni virdrun eng Badmintonracquette am Grapp.

Mä, wéi den Zoufall et esou wëll, war et, réckwierkend gekuckt, sécherlech kee Feeler, dat emol ze probéieren. Ech hu séier misse feststellen, datt et eben net sou einfach ass wéi et ausgesäit, de Ball ass kleng, den Terrain grouss an d'Been schwéier. Mä et soll ee jo bekanntlech net esou séier opginn an duerfir sinn ech haut nach ëmmer mat engem gewëssen Elan dobäi. Elo hunn ech genuch vu mir geschwat, et geet jo hei ëm de Club, ëm d'Gemeinschaft vu Leit déi déiselwecht Interessien hunn an déi sech méi oder wéineger regelméisseg sportlech wëlle beweisen.

Ech wollt iech elo e puer Wuert dozou soen, wéi mer viirgaang sinn, fir dës Feier z'organisieren an eis Recherchen ze maachen. Mat engem ganz spezielle Froëkatalog hu mir fir d'éischt bal all

d'Grënnungsmembren interviewt, dat, fir endlech mol eppes iwwert d'Entstehungsgeschicht vun eisem Club gewuer ze ginn. Do hu mer quasi 11 Owender domadder verbruecht, mä ouni déi Preparatioun wier et awer onméiglech gewiescht, déi noutwennege Informatiounen ze kréien, virun allem well leider kee méi vun der aler Garde am Club aktiv ass. Voilà, dëst gesot kommen ech elo zum Historique.

Et war am Joer 1995, wou sech déi éischt Aktivitéite lues a lues opgebaut hunn. Deemools hunn e puer Badminton-Interessierter sech am Festsall vun der Primärschoul zesumme fonnt an hunn emol ugefaang ze spillen. Et waren e puer vun de Grënnungsmemberen, déi sech do méi oder wéineger regelméisseg getraff hunn, fir op nëmmen 1 Terrain, ouni korrekt Linnen a mat enger Plafondshéicht vu vläicht 4 Meter, sportlech aktiv ze ginn. Duerzou muss ee soen, datt eng Badmintonshal mindestens 5 m an am Beschten 9 m Héicht huet. Dat ass ongeféier 1 Joer sou gelaf bis d'Iddi opkomm ass, fir ee Club ze grënnen. Et ass sech dunn op d'Sich gemaach ginn, fir ee Basistext ze fannen, fir déi 1. Statuten opzebauen. Eis Recherche huet erginn, datt et d'Dëschtennisstatuten waren, déi als Grondlag genotzt goufen.

Den 9. Februar 1996 war et dunn esou wäit, an enger Grënnungsversammlung hunn 12 Leit déi 1. Statuten guttgeheescht an ënnerschriften. Dat waren zu dem Abléck folgend Leit, wou der och haut den Owend e puer hei sinn: d'Claire Huet, de Paul Frisch, d'Ferny Mariany, d'Sylvie Hilbert-Conrad, d'Arlette Hoffmann, de Carlo Laux, de Jérôme Olinger, d'Pia Plier, de Jean-Paul Ruppert, d'Sylvie



Schreiber-Merene, d'Josiane Thill-Graf an d'Isabelle Thielen. Den 1. President war de Paul Frisch, déi 1. Sekretärin d' Ferny Mariany an den 1. Caissier de Carlo Laux.

Am Ufank hu just déi 12 Leit gespilt, souzesoen an 3 Schichten fir do laanschteneen ze kommen. Relativ séier hu weider Leit sech gemellt an de Cader ass méi grouss ginn. Fir dat z'organisieren, gouf mat enger Zort "Roulement" geschafft, sou datt no enger gewësser Zäit jiddereen géint jiddereen gespilt hat. Dee "Roulement" huet, den Interviewen no, relativ chaotesch ausgesinn, mat duerchgestrachenen Nimm, Feiler etc. Et war och deemools net esou einfach.





Am Ufank war de Club och mat enger "Loisir" Lizenz federéiert, och wann kee Championnat gespillt gouf. Déi eenzel Spiller haten awer ni eege Lizenzen. Federéiert ze sinn huet awer mat sech bruecht, datt een Délégierten op d'Versammlung vum der FELUBA huet misse goen, an do ass ganz séier ee Problem entstan, well bei all Absence eng säfteg Strof ze bezuele war. Irgendwann hu mer dunn déi Lizenz gekënnegt an eis selwer verséichert. Mir hunn aktuell eng Responsabilité civile an eng Assurance accidents associations.

Direkt vun Ufank un sinn awer ausser dem Fiederball nach aner Aktivitéiten gelaf, wéi Kino, Trëppeltour, Grillen asw. D'Claire an d'Malou hunn eis Fotoen aus der Zäit zur Verfügung gestallt. Dës Fotoen kënnst dir am Hannergrond entdecken. Ech ginn elo net eenzel op all Event an. Als Invitéeën kritt dir awer ee flott Buch mat ville flotte Biller, an deem dir all d'Informatiounen noliese kënnst. Op dëser Plaz wëll ech elo just déi wichtegst Meilesteng ernimmen.

Extrem wichteg fir d'Evolution vum Club war, datt am Joer 1999, genee den 08. Mee 1999 déi nei Sportshall a Betrieb geholl gouf. Do stoungen vun haut op muer 3 Terrainen zur Verfügung a weider Leit sinn dem Club bäigetrueden. D'Roulementsleschten sinn awer nach bäibehal ginn. Mir haten do ausser, datt 6 Equipen gläichzäiteg trainéiere konnten, och nach eng gutt Halenhéicht a jidderee konnt probéieren, fir seng Technik ze verbesseren. Déi Hal hat zu dem Abléck awer och 2 grouss Problemer, deen ee war: d'Luuchten déi geblend hunn an den zweete war de Buedem, mat zevill Grip an ouni Fiederung. Dowéinst hate mir och iwwert d'Joren verschidden Accidenter ze bekloen, vu wéie Knéien, Hëften, Schëlleren bis zu futtis Achillessehnen war vun Allem dobäi.

Am Joer 2002, fir nees genee ze sinn, de 04. Juli sinn nei Statuten opgestallt ginn, dat als Reaktioun

op dat neit asbl-Gesetz, dës Kéier an der Sprooch vum Voltaire, op franséisch. Am Comité waren zu deem Zäitpunkt folgend Leit: d'Malou Boever, d'Claire Huet, de Georges Feider, d'Sylvie Hilbert, de J-P. Ruppert, d'Christiane Feider an den Alain Wagner. (7 Leit)

Den Erfolleg vum Club huet mat sech bruecht, datt mer och Kontakter mat anere Clibb konnten opbauen. Sou, datt mer eis op méi oder wéineger regelméisseger Basis mat ARIS, ROSPORT, IRREL, WOLZ, a spéider WALDBËLLEG a FEELLEN auserne setze konnten, natierlech nach ëmmer op bluddegem Amateur Niveau. Do huet deelweis e staarke Géigewand geblosen, mee trotzdem sinn och vill Frëndschaften entstan. Ausserhalb vum Sport hunn awer och nach aner Aktivitéite stattfonnt. Mir haten zum Beispill 2003 (31.05.2003) een Ausflug an d'Phantasialand, 2004 (26.09.2004) an d'Teufelsschlucht a bei d'Irreler Wasserfälle, 2006 (24.06.2006) eng Sortie randonnée am Minett mam Georges als Guide, an am Joer 2008 een 2-Dages Trip an den Elsass an an den Europapark RUST (04. - 05.10.2008). 2016 ware mer nach eng Kéier an d'Phantasialand. 2004 ass och Beachsoccer gespillt ginn am Préizerdaul, 2005 Indica. Och gouf et weider Sortien an de Kino, mat lessen an ouni lessen. 2011 si mer de Relais pour la Vie matgelaf (24 Stonnen). Keelen a Bowling ass och gespillt ginn. Jee, et war fir jiddereen eppes dobäi. Och esou Fotoen wäert dir am Buch fannen.

Am Joer 2006 ass dunn ee Projet gelaf, dee vum Ministère des Sports initiéiert gouf an deen dorop ofgeziilt huet fir méi Leit un de Sport ze kréien. Dat war de Projet "Préizerdaul aktiv" deen duerch déi Hären Hubert Eschette a Gust Flammang koordinéiert gouf. Fir eis hat dat als Konsequenz, datt mir eis Dieren opgemaach hunn, fir och Jugend an de Club ze huelen. Mir hunn doropshin de Mindestalter vu 15 Joer op 12 Joer reduzéiert. Duerfir

war op en Neits eng Statutenännerung noutwenneg (nees op franséisch). Den Text seet: "Est admissible comme membre, toute personne qui aura 12 ans pendant l'année calendrier en cours, manifestant la volonté d'être admise, déterminée à observer les présents statuts et agréée par le comité." Dës Mesure huet eis op en Neits vill Membere bruecht, mä eis och verschidden Obligatiounen operluecht. Et muss een sech och em déi Jugend këmmen.

Am Ufank hu mer nach gemengt, mir kéinten dat selwer stemmen, mä, mer hu relativ séier missen réalisieren, datt esou eppes eis Fäegkeeten bei wäitem iwwersteigt. Professionnell Hëllef war noutwenneg, déi mir a Persoun vum Här Julien Dony fonnt hunn. De Julien huet déi Charge fir 8 Joer iwwerholl, an dat zur gréisster Zefriddenheet vun der Jugend an dem Comité. De Julien ass och den Owend hei.

Julien, je profite de cette occasion pour te remercier au nom du club et de ses membres pour ton soutien au fil de toutes ces années. Je pense que nous avons pu profiter de ton expérience et tu nous as enseigné un tas d'astuces et de mouvements lesquels tu nous as fait répéter régulièrement. Notre jeu s'est manifestement amélioré et les adversaires auront de plus en plus de mal à nous battre. Donc, un grand merci de la part de l'ensemble du club. (Paus mat klappen)

Mir hu lo gläich d'Geleeënheet, fir hien, an engem kuerze "showmatch" an Aktioun ze gesinn, zesummen mat engem anere gudde Spiller, dem Roy Baptiste.

Et muss op dëser Plaz nach drun erënnert ginn, datt mir eis bei ville Geleeënheeten och sozial engagéiert, a gesellschaftlech relevant Saachen ënnerstëtzt hunn. Mir sinn z.Bsp. am Joer 2008 eng Collaboratioun mam Ministère de la Santé agaang,





wou mer eis deemools scho kloer fir den "Don d'organes" ausgeschwat hunn. Wann een eemol mat engem geschwat huet deen eng nei Nier krut, respektiv iwwert d'Waardezäit bis en eng nei Nier hat, da versteet ee séier wéi wichteg dat Thema ass. Fir den Don d'Organes ze ënnerstëtzen hu mir een Tournoi organiséiert an den deemolege Gesondheitsminister. Mäerz di Bartolomeo huet vun der Geleeënheet profitéiert ee Match matzespillen. 2009 hu mer dat nach eemol widderholl, awer ouni Minister. Am Joer 2012 hate mer och een Tournoi am Atert-Lycée vu Réiden, op deem och verschidde Leit vun der Schock matgespillt hunn an déi sech köstlech ameséiert hunn. Schlussendlech hu mer och zu verschiddene Geleeënheeten een Don u sozial a caritativ Organisationsen gemaach, wéi d'Organspendergesellschaft 2008 (500.-€) an 2010 (1550.-€), den Televie 2011 (1000.-€), d'Schock 2012 (1000.-€), Komm Hëllef Mat Préizerdau asbl 2014 (200.-€) fir nëmmen déi ze nennen.

De sportlechen Highlight vum eisem Club ass den alljärelechen Badminton Tournoi am Préizerdau, dee mer zënter 2003 organiséieren. Vu virdrun hu mer keng genee Opzeechnungen. Dat mécht all Joer immens Spaass an mir hunn ab deem Joer och eng nei Formule op d'Been gesat; moies spillt elo d'Jugend a mëttes déi Erwuessen, an dertëscht gëtt et eng Stärkung an der Mëttesstonn. Et hat alt erëm een(t) eng gutt Iddi: Merci Carole.

Een anert wichtegt Kapitel sinn d'Finanzen vum Club. Mir hiewe selbstverständlech eng Cotisatioun op, dat sinn 30.-€ fir e Jugendspiller, 50.-€ fir een Erwuessenen an 120.-€ fir eng ganz Famill. Dat ass ganz sozial a geet just duer fir d'Assurancen, den Trainer an d'Joresiessen no der Generalversammlung ze bezuelen. Aktuell hu mer 46 Memberen déi cotiséieren, dovun sinn der +/- 28 aktiv, anerer gesäit ee manner. Vun der Gemeng kréie mer regelméisseg ee Subside, am Ufank waren et 250.-€,

elo sinn et der 500.-€ wéinst eiser Jugendarbecht. Ausserdem si mer bei all "Ouschteren am Préizerdau" dobäi an ech mengen do krut dir schonn alleguerten ee Patt vun engem Fiederballspiller zervéiert. Fréier hu mer och beim Tractor Pulling matgewierkt an dëst Joer war et den Tour de France, deen eis Keess verbessert huet. Nationalfeierdag hu mer och schon eng Kéier zervéiert an do komme mer an denen nächste Joren och erëm drun. Sou kämpfe mer permanent fir d'Kees opzestocken an eiser Jugend een adequaten Trainer unzebidden, resp. aner Aktivitéiten kënnen z'organiséieren.

Ech wollt elo nach profitéieren, fir e puer Mercien lass ze ginn. Deen éischte grouse Merci verdingt de Comité, als Ganzt, domadder ass all vergaangene Comité wéi och deen Aktuelle gemengt, an deem mer souzesoen all d'Décisioun unanime kënnen huelen. Speziell dem Georges, eisem Tresorier, dee bei den Interviewer gehollef huet, selbstverständlech och den Interviewpartnere, dat heescht denen ehemolege Grënnungsmitglieder. Wat wir e Comité ouni säi Sekretär, den Gene schéckt Meelen, wat de Computer och hiergëtt.

D'Carina këmmert sech ëm de facebook an déi aner modern Kommunikatiounsmëttelen, déi haut anscheinend jiddereen huet oder muss hunn.

Dann ee grouse Merci un eis Sponsoren, wou ech se net alleguerten op deser Plaz kann opzielen. Iwwert d'Joren gekuckt waren et der e sëllegen. Haaptsponsor war den Här Claude Bindels vun Hospilux, dee schon 2x vill Geld locker gemaach huet fir eis 1A Tenuen ze stellen. Nach eng Kéier ee grouse Merci duerfir.

Mir soen och den Dontateuren an den Éieremembere villmools Merci, fir de finanziellen Input am Cader vun der Brochure, déi Enn des Jores wäert publizéiert ginn.

Ee grouse Merci och un all eis Memberen, fir déi vill schéi Stonnen déi mir biswell schonn zesumme konnte verbréngen. Dat selwecht gëllt fir eis Partnerclubb, déi och zum Deel hei vertrauede sinn.

Last but not Least geet de läschte Merci un d'Gemeng déi eis all déi Joren d'Hal gratis bereetgestallt huet an och fir Material suergt, sief dat ënnert der Leedung vum ehemolege Buergermeeschter Emile Calmes, wéi och ënnert dem aktuelle Buergermeeschter Fernand Heyart mat hiren jeweilegen Schäfte- a Gemengeréit.

Dëst Joer kënnen mer eis och iwwert d'Erneuerung vun der Sportshal, resp. dem Sportsbuedem freeën, wou mer dann elo eise Sport méi gelenkschounend kënnen praktizéieren. Do ass jo den Training eréisch dëse Mount ugaang, genee gesot den 18. September. Et war souguer an der Chantiersphase ee sportlechen Timing, deen do ze respektéiere war. Ech hoffen datt mer dann nach laang Joren op deem Buedem eisem Hobby kënnen nogoen ...

Mir hunn als Comité och jidder Zäit een oppent Ouer fir Ureegungen oder gudd Iddien a bidde selbstverständlech och un, datt dir bei eis probéiere kommt, e puer Mol, ouni direkt mussen eng Memberskaart ze huelen.

Also wéi heescht et ëmmer: Fräiwëlleger virtrieden! Mir trainéiere méindes an donnëschdes ab 19:30, fir ongeféier 2 Stonnen. Merci nach eng Kéier fir är Opmierksamkeet.

Gene, et ass elo un dir.

Theo Ney, President, den 29.09.2017

Des Sait gouf gesponsort vum VV Tooltime Préizerdau





Des Sâit gouf gesponsort vum Romain Thornton-Grasser, vu Proz









# SHOPPEN IN ENTSPANNTER ATMOSPHÄRE

*Kerzen, Keramik und Filzobjekte  
Pflanzen für drinnen und draußen  
Floristische Kunst  
Karten, Fotografien und Pins  
Kulinarische Köstlichkeiten*



**Dies und vieles mehr aus unseren Werkstätten können Sie in unserem stilvoll dekorierten Geschäft in Redange erwerben !**

**Op der Schock** setzt sich für die Bedürfnisse von Menschen mit einer geistigen Behinderung ein. Diesen Menschen bieten wir gesicherte Arbeits- und Ausbildungsplätze in unseren Werkstätten, eine Tagesförderstätte, betreutes Wohnen, Unternehmungen mit unserem Freizeitservice sowie eine allgemeine Beratung und Unterstützung in verschiedenen Bereichen an.

**Adresse:**  
34A, route de Reichlange  
L-8508 Redange / Attert  
[info@ods.lu](mailto:info@ods.lu)

**Öffnungszeiten:**  
Montag – Freitag  
8 – 12 Uhr und 13 – 17 Uhr


[www.ods.lu](http://www.ods.lu)



**Zesumme**  
gi mir méi wäit



baucenter



depuis 1895

# Glaesener-Betz

Redange/Attart & Z.I. Contern

23 64 64

[www.glaesener-betz.lu](http://www.glaesener-betz.lu)



Gros-œuvre • Génie-civil • Toiture • Alentours  
Portes • Parquet • Carrelages • Poêles/Cheminées  
Quincaillerie • Hörmann • Façades • Parachèvement



réidener  
schwämm

reidener-schwemm.lu



ouvert 7j/7

**K2S SPORT**

1000m<sup>2</sup> dédiés  
au sport!

+ impression  
sur tous textiles.

**CONDITIONS  
CLUBS:**

**-20%**

SUR YONEX  
(raquettes et chaussures)

**TOUTE L'ANNEE!**

Rue de Marche 134  
B-6600 BASTOGNE

+32 061 21 60 51  
info@k2ssport.be

Rejoignez-nous  
sur Facebook!



**FIXATION - DIAMANT**

E-Mail: info@may.lu • [www.may.lu](http://www.may.lu)



20, Place Guillaume II  
L-1648 Luxembourg





Ensemble,  
construisons le  
monde de demain



Facilities  
Management



Energy  
Services



Technical  
Services

Engagée chaque jour aux côtés des entreprises et collectivités, ENGIE Cofely soutient ses clients dans leurs objectifs stratégiques. Elle propose une offre complète de solutions intégrées pour réduire leur consommation énergétique, maîtriser leur impact environnemental et améliorer la qualité de vie. Chez ENGIE Cofely, la responsabilité sociétale est une priorité qui se traduit notamment par une politique d'égalité des chances et de diversité des talents.

[www.engie-cofely.lu](http://www.engie-cofely.lu)



NOTRE POINT  
COMMUN ?



Nous sommes membres Raiffeisen.

AVANTAGES  
OPERA



Raiffeisen est une banque coopérative. Et ça change tout! Devenez membre Raiffeisen et profitez des conditions préférentielles OPERA. Augmentez encore plus vos avantages en faisant de Raiffeisen votre partenaire bancaire privilégié. Découvrez tous les avantages OPERA avec votre conseiller dans l'agence Raiffeisen la plus proche ou sur [www.raiffeisen.lu](http://www.raiffeisen.lu). Chez nous, c'est vous le patron.

[www.raiffeisen.lu](http://www.raiffeisen.lu)





# Aus de Grënnungsjoren

Stellt lech vir, et ass 1995. De World Wide Web ass eréischt 2 Joer al. De Jean-Claude Junker ass grad a sengem éischte Joer als Lëtzebuerger Premier Minister. D'Sportshal am Daul gëtt et nach net.

E Puer Frënn sichen zesummen no enger sportlecher Aktivitéit, déi an engem klenge Kader zu all Joreszäit méiglech ass, ouni Leeschtungsdruck, ouni Verpflichtung fir "Matcher" ze spillen, ouni deier ze kaschten, ouni engem bestehende Club Konkurrenz ze maachen.

Wei wier et mat Fiederball, oder Badminton, wann dat besser klengt? Ween huet als gudde Lëtzebuerger als Kand net dobausse Fiederball gespillt? Wann de Wand net ze staark war ...

An esou ass d'Geschicht vum Dauler Fiederball ugaangen. Quasi als Sport fir den 2. Alter, als Sport no dem Leeschtungssport. Gespillt gouf an dem Turnsall vun der Primärschoul. OK, deen ass net ideal fir héich Bäll, an erlaabt och nëmmen 2 Ekippe gläichzäiteg ze spillen, mee déi formidabel Story vun eisem Club ass net méi ze stoppen.

De 9. Februar 1996 gouf den Dauler Fiederball offiziell gegrënnt. De Paul, de Jipi, de Guy, de Carlo an d'Ferry hunn déi 1. Statuten opgestallt, déi vun 12 Grënnungsmemberen ënnerschriwwen goufen. D'Arlette huet d'Reegele kennt, als Member vum Ettlbrécker "Fiederweiss". D'Sylvie huet am Turnen Damen ugeschwat, fir matzemaachen. D'Iddi war, fir Leit aus allen Deeler vum Préizerdau an de Club eranzehuelen.

Gespillt gouf no engem "Roulement", vun 19:30-20:30, 20:30-21:30 an 21:30-22:30. E Beitrag ass opgehewe ginn als Sammlung fir lessen ze goen.

Sport maache mécht bekanntlech duuschtereg, a sou si vill Traininger duerno beim Martha oder beim Renert diskutéiert ginn. All Sportler brauch en Ausgleichssport, a sou si Keelenowenter eng natierlech Ergänzung.

Bei eisen Interviewen, déi den Theo an ech mat de Membres Fondateurs gemeet hunn, gouf vu ville positiven Erënnerungen erzielt. Et war eng Freed an eng Eier, fir mat ze spillen, et gouf vill gelaacht an d'Spiller hate vill Spaass. Et war wäertvoll, fir mat aner Leit aus dem Daul zesummen eppes ze maachen, besonnesch fir déi, déi an den Daul geplënnert sinn an esou "Land und Leute" besser a méi séier konnte kenne leieren. D'Spille war einfach a net komplizéiert, an et sinn ëmmer erëm Ausflich gemach ginn - wuer, dat gesi Dier op anere Platzen an dësem Buch. Do kenn Dir och liesen, mat wei enge Clibb sech ausgetosch ginn ass.

Vun 1998 un ass an der neier Sportshal gespillt ginn. Elo konnten och héich Bäll gespillt ginn, allerdings war den haarde Buedem de Grond fir munnech Verletzungen iwver déi Joren; dat ass mat deem neie Buedem (endlech) vill besser ginn (ah jo, an d'Luuchten "nerven" net méi vum Plafong). Elo konnten och méi Spiller op de Roulement kommen, keen huet méi missten laang op der Bänk setzen. Allerdings hunn e puer vun de Grënnungsmemberen den "Transfert" net laang matgemeet.

Grënn dofir ware familiärer Natur, Diskussiounen iwver de Roulement, eng schlecht Ambiance wéinst private Konflikter, Schichtaarbecht, keng Zäit méi wéinst de Kanner, Verletzungen, Ambitioune fir op engem méi heichen Niveau ze spillen, wat bei eis net ëmmer méiglech war, well vill Membere wollte léiwer einfach esou "spillen" a net "trainéieren".

Haut ass alles anescht. Ouni de WWW an den Internet leeft näischt méi, a wei vill aner Clibb huet och den Dauler Fiederball heiansdo dach awer Schwierigkeeten, nei Memberen ze fannen, besonnesch bei de Jugendlechen. Awer, esou wei d'Grënnungsmemberen eis un d'Häerz geluecht hunn: d'Jugend ass d'Zukunft. Och aner Tipps hunn si eis ginn: op d'Membere lauschteren, wësse wat si beweegt huet, fir Fiederball ze spillen, weiderhin e Loisirsverein bleiwen, an deem kann ouni vill Obligatioune gespillt ginn an enger gudder Ambiance.

An deem Sënn: Ad Multos Annos.

Georges Feider  
Caissier Dauler Fiederball

Des Säit gouf gesponsort vum Badsport asbl, vu Rouspert



VOUS SOUHAITEZ ENTAMER DES TRAVAUX DE RÉNOVATION...



enoprimes

... et améliorer l'efficacité énergétique de votre habitation? Rejoignez le programme enoprimes.

Avec le programme enoprimes, nous sommes à vos côtés dans vos projets de rénovation énergétique! Découvrez tous les travaux éligibles, les démarches à suivre ainsi que les artisans partenaires sur [enoprimes.lu](http://enoprimes.lu)

[enoprimes.lu](http://enoprimes.lu)





## Membres d'honneur

Fernand Heyart-Antony, Reimberg  
Jacques Lorang, Bertrange  
Claire Huet, Bettborn  
Gérard Zoller (Robin S.A.), Useldange  
Famille Martiny-Splicks, Pratz  
Pia an Gérard Zoller-Plier, Schwebach  
Famille Theo Ney-Peffer, Platen  
Famille Groben-Weyland, Bettborn  
Cabinet Kinesithérapie Maurice Goebel, Bettborn  
Sandra et Fernand Muller, Platen  
Famille Schreiber-Gremling, Platen  
Denise Plier, Bettborn  
Famille Bindels-Grotenrath, Bettborn  
Malou Boever an Paul Frisch, Junglinster  
Romain Thornton-Grasser, Pratz  
Famille Feider-Bodevin, Bettborn  
Michèle Schiltz, Pratz  
Marlène Kler, Platen  
Badsport asbl, Rosport  
Elena Lagodny et famille, Pratz  
Berthy Jacquemoth-Neys, Pratz  
Luc Victor, Hostert  
Tennis Club Preizerdaul-Réiden  
VV Tooltime Preizerdaul



## Donateurs

Mady Flammang-Kessler, Bettborn  
Agence Arlette Hoffmann, Le Foyer, Niederfeulen  
Josée Ruppert-Schreiber, Reimberg  
Christiane Feider, Beringen  
Sylvie Hilbert-Conrad, Platen  
Christian Kaufmann-Heyart, Reimberg  
Marthy Antony-Heyart, Reimberg  
Rolli Zigrand, Platen  
Marc Gergen, Platen  
M. et Mme. Jérôme Olinger-Haan, Platen  
M. et Mme. Jean Schmit-Hellenbrand, Niederfeulen  
Famille Goelff-Schmit, Grosbous  
Josée Ruppert-Kayser, Reimberg  
Anonyme, Mertzig  
Josiane Graf, Platen  
Famille Laux-Claus, Platen  
Roger Gereke-Pletschette, Grosbous  
Famille Antony, Heispelt  
Jhemp Sinner, Platen  
François Hilger-Goebel, Platen

Een décke  
**MERCI!**





# Dauler Fiederball Statuten

## Club sportif constitué sous forme d'une association sans but lucratif

Entre les soussignés

- 1) Malou BOEVER
- 2) Claire CALMES
- 3) Georges FEIDER
- 4) Sylvie HILBERT
- 5) Jean-Paul RUPPERT
- 6) Christiane SINNER
- 7) Alain WAGNER

il a été convenu de constituer une association sans but lucratif (asbl), dont les statuts sont arrêtés comme suit:

## CHAPITRE I DENOMINATION SIEGE OBJET SOCIAL

### Article 1er:

L'association est dénommée "Dauler Fiederball ASBL".

### Article 2:

Le siège social est établi au Préizerdaul.

### Article 3:

Elle a pour objet toute activité se rapportant directement ou indirectement à la pratique du Badminton. Elle peut s'affilier à toutes organisations nationales ou internationales ayant un but identique au sien ou plus généralement ayant comme but la pratique ou la promotion du sport.

Elle s'efforce de créer et d'entretenir des relations amicales entre ses membres, de Meentenir et de promouvoir le fair-play dans la pratique sportive,

d'assurer la défense des intérêts sportifs de ses adhérents et de représenter ces intérêts auprès des autorités.

Elle peut louer ou acquérir des immeubles en vue de remplir son objet.

## CHAPITRE II DES ASSOCIES ET DES MEMBRES D'HONNEUR

### Article 4:

Le nombre minimum des associés est fixé à cinq.

### Article 5:

Sont admissibles comme membres, toutes personnes, âgées d'au moins 15 ans, manifestant la volonté d'être admise, déterminées à observer les présents statuts et agréées par le comité. L'admission est constatée par la remise d'une carte de membre.

### Article 6:

La cotisation annuelle est fixée chaque année par le comité.

### Article 7:

Les membres de l'association peuvent s'en retirer en présentant leur démission. Est considéré comme démissionnaire l'associé ayant refusé de payer la cotisation annuelle, ou ayant omis de la payer trois mois après qu'elle lui fut réclamée.

La qualité de membre de l'association se perd encore par l'exclusion. Celle-ci est prononcée par l'assemblée générale statuant à la majorité des deux

tiers des voix, dans les cas suivants:

- lorsqu'un associé s'est rendu responsable d'un acte ou d'une omission grave contraire aux statuts et règlements de l'association

- lorsqu'un associé s'est rendu responsable d'un acte ou d'une omission de nature à porter atteinte, soit à l'honneur ou à sa considération personnels, soit à la considération ou à l'honneur d'un associé, soit à la considération de l'association.

Le comité, après avoir entendu l'intéressé en ses explications, et statuant à la majorité des deux tiers de ses membres, peut, pour l'une des mêmes raisons, prononcer avec effet immédiat la suspension temporaire d'un membre. Cette suspension prendra fin lors de la plus prochaine assemblée générale qui sera appelée à statuer sur l'exclusion de ce membre. En cas de démission ou d'exclusion, les membres concernés n'ont aucun droit sur le fond social et ne peuvent réclamer le remboursement des cotisations versées.

## CHAPITRE III DE L'ASSEMBLEE GENERALE

### Article 8:

Sont de la compétence exclusive de l'assemblée générale:

- 1) la modification des statuts
- 2) la nomination et la révocation des membres du comité
- 3) l'approbation annuelle des budgets et des comptes

- 4) la dissolution de l'association
- 5) l'exclusion d'un membre de l'association

Article 9:

L'assemblée générale se réunit annuellement au 1er trimestre.

Article 10:

En cas de besoin le comité peut convoquer à chaque moment une assemblée générale extraordinaire. L'assemblée générale extraordinaire doit être convoquée par le comité, et ce endéans deux mois, lorsqu'un cinquième des associés en font la demande.

Article 11:

Toute proposition signée d'un nombre de membres égal au cinquième de la dernière liste annuelle des membres doit être portée à l'ordre du jour.

Article 12:

Les associés qui, en application des articles 10 et 11, veulent faire convoquer une assemblée générale extraordinaire ou proposer une question à l'ordre du jour de l'assemblée, doivent soumettre au président du comité une note écrite précisant leur intention. S'il s'agit d'une question à porter à l'ordre du jour, cette note doit être entre les. Meens du président du comité quinze jours avant la date de l'assemblée générale.

Article 13:

Des résolutions en dehors de l'ordre du jour ne peuvent être prises que si une majorité des deux tiers des voix émises par les membres présents marque

son accord pour procéder à un vote sur elles. Aucune résolution en dehors de l'ordre du jour ne peut être prise sur les points indiqués à l'article 8.

Article 14:

Tous les associés doivent être convoqués par écrit huit jours avant la date de l'assemblée générale. La convocation doit contenir l'ordre du jour.

Article 15:

Il est loisible aux associés de se faire représenter à l'assemblée générale par un autre associé, muni d'une procuration écrite. Aucun membre ne peut cependant représenter plus de deux associés.

Article 16:

Tous les associés ont un droit de vote égal à l'assemblée générale et les résolutions sont prises à la majorité des voix des membres présents, sauf dans les cas où il en est décidé autrement par les présents statuts ou par la loi.

Article 17:

L'Assemblée générale ne peut valablement délibérer sur les modifications aux statuts que si l'objet de celle-ci est spécialement indiqué dans la convocation et si l'assemblée réunit les 2/3 des membres. Aucune modification ne peut être adoptée qu'à la majorité des 2/3 des voix.

Si les 2/3 des membres ne sont pas présents ou représentés à la première réunion il peut être convoqué une seconde réunion qui pourra délibérer quel que soit le nombre des membres présents.

### **CHAPITRE III DU COMITE**

Article 18 :

L'association est administrée par un comité composé de 5 à 9 membres se composant d'un président, d'un vice-président, d'un secrétaire, d'un caissier et de 1 à 5 membres.

Ceux-ci sont nommés par l'assemblée générale pour le terme de 2 ans, jusqu'à la prochaine assemblée générale. Toutefois, ils sont révocables à tout moment, par décision d'une assemblée générale extraordinaire. Les membres sortants sont rééligibles.

En cas de désistement ou de départ d'un ou de plusieurs membres du comité, les membres restants, pour autant que leur nombre ne soit pas inférieur au nombre indiqué ci-dessus, continuent à former un comité ayant les mêmes pouvoirs et attributions que celui nommé par l'assemblée générale et peuvent nommer pour chaque poste vacant un remplaçant. Cette décision devra être confirmée ou infirmée par l'assemblée générale suivante.

Article 19 :

Les membres du Comité sont élus par l'assemblée générale. Les fonctions et responsabilités des membres du comité sont déterminées par le comité.

En cas d'empêchement du président, ses fonctions et pouvoirs se remplissent par le vice-président, sinon par le plus ancien des membres du comité.



Article 20 :

Le comité se réunit sur convocation du président ou du secrétaire. Il ne peut délibérer que si la majorité de ses membres est présente ou représentée.

Il est demandé à tout membre du comité, empêché d'assister à une réunion du comité, de se faire représenter à cette réunion par un autre membre du comité, moyennant une procuration écrite pour les points de l'ordre du jour sauf pour le point divers. Chaque membre du comité ne peut cependant représenter qu'un seul membre du comité par procuration.

Les décisions du comité sont prises à la majorité des voix émises par les membres présents.

Les membres qui s'abstiennent au vote ne sont pas pris en considération pour le calcul de la majorité nécessaire pour l'adoption du vote.

Les membres qui ont un intérêt personnel dans une délibération, doivent s'abstenir de voter. En cas de partage des voix, celle du président ou de son remplaçant est prépondérante.

Il est tenu par les soins du secrétaire un registre des réunions dans lequel sont inscrits les noms des personnes présentes, l'ordre du jour, ainsi que les décisions prises. La signature du secrétaire est contresignée par le président après approbation du compte-rendu lors de la réunion suivante.

Article 21 :

Le comité a les pouvoirs les plus étendus pour l'administration et la gestion de la société. Dans ce cadre, il peut notamment passer tous les contrats ou actes unilatéraux engageant l'association ou ses biens meubles ou immeubles, conférer tous pouvoirs spéciaux à des mandataires de son choix, associés ou non, plaider tant en demandant qu'en défendant devant toute juridiction.


Article 22 :

Dans le cas de dissolution volontaire, l'assemblée générale désignera trois liquidateurs et déterminera leurs pouvoirs.

Dans tous les cas de dissolution volontaire ou judiciaire, l'actif net de l'association sera affecté à des activités similaires, à désigner par l'assemblée générale.

Article 23 :

Toutes les questions qui ne sont pas prévues expressément par les présents statuts sont régies par les dispositions de la loi du 21 avril 1928 sur les associations sans but lucratif.



# E Puer Mercien & Schlusswuert

Elo sidd Dir mat der Lecture vun der Broschür: "20 Joer Dauler Fiederball" um Enn ukomm, an ech hoffen datt et lech e bëssche Spaass gemaach huet.

Fir mech war et op jiddwer Fall eng immens wichteg Aarbecht, an mir sollten e puer Mécke mat engem Streech fänken:

Fir d'Éischt ass et am Laf vun engem Veräinsliewen zu engem gegebene Moment einfach un der Zäit, Bilan ze zéien an den Historique nozezechnen, esou laang nach d'Leit liewen, déi déi Geschicht mat geschriwwen hunn. Op der anerer Säit ass et och eng gewësse Verantwortung, vun de Responsabele vun enger Associatioun, hire Memberen an deenen déi nach nokommen, eng Basis ze liwweren, op déi se mat Freed kënnen zeréckgräifen.

Am historesch-chronologeschen Deel misst am Prinzip all Spiller deen iwver méi Joren dobäi war, sech an der enger oder anerer Form erëmfannen. Dat rifft Erënnerungen op de Plang, an ech hoffe mir konnten haaptsächlech déi gutt Erënnerungen um Liewen halen.

Fir eis als Comité war et och eng ganz nei Erfahrung, an Éier esou eppes dierfen ze preparéieren, well et war och fir eis Neiland.

An der Broschür stinn op deene verschiddene Plaze

schonns vill Mercie verdeelt, mee ech wëll der hei nach e puer nennen, resp. ënnersträichen:

- Un d'Grënnungsmemberen ouni déi elo kee vum Dauler Fiederball géif schwätzen
- Un den aktuelle Comité an déi Comitée virun eis
- Un déi aktuell wéi och fréier Spiller a Spillerinnen
- Un d'Traineren
- Un d'Sponsoren, ouni déi dës Brochure ni hätt kënnen gemaach ginn
- Un d'Hären Eschette a Flammang fir ee super Projet
- Un d'Gemeng, mat hire jeeweilege Schäffen- a Gemengeréit
- Un d'Partnerclubb an un d'Clubb aus dem Préizerdaul, resp. un d'Entente vun de Clubb
- Un all déi Leit, déi eis Material fir dës Broschür a Form vu Fotoen, Texter, Klassementer a Flyere bereetgestallt hunn
- Zum Schluss un all déi Leit, déi sech an iergendenger Form heidrun bedeelegt hunn, an déi nach op soss kenger Plaz ernimmt goufen
- A ganz zum Schluss nach un d'Agence de publicité Graphicube, un d'Jessica an d'Mireille, déi eis gutt beroden hunn

Theo Ney, President Dauler Fiederball.  
Januar 2018



# MERCI!


Des Säit gouf gesponsort vun der Famill Heyart-Antony, vu Rëmmereg







# Büro- und Schuleinrichtungen schonend mit Natur und Umwelt



BUREAUTIQUE  
ROSY WAGNER-BRAUCKMANN

27, rue de la Barrière / L-1215 Luxembourg / T. +352 44 88 08-1 / F. +352 44 88 08-99  
[www.wagner-brauckmann.lu](http://www.wagner-brauckmann.lu) / [rosy@wagner-brauckmann.lu](mailto:rosy@wagner-brauckmann.lu)





## LES MEILLEURS SOINS AURONT TOUJOURS BESOIN DU MEILLEUR MATÉRIEL.

Avec Hospilux, vous profitez de la gamme de matériel médical la plus complète au Grand-Duché. Tout ce que vous cherchez, vous le trouvez. Tout simplement.

FOURNISSEUR OFFICIEL DE LA SANTÉ ✕ T. (+352) 35 02 20-1 ✕ [hospilux@hospilux.lu](mailto:hospilux@hospilux.lu) ✕ [hospilux.lu](http://hospilux.lu)



